Informatiounsblatt iwwer eis Blummebouqueten (Solawi)



Wat ass eng Blummen-Solawi?

Solawi steet fir **Solidaresch Landwirtschaft**. Dëse Modell erméiglecht et de Memberen, e festen Deel vun der Recolte am Viraus ze kafen, wat hëlleft, d'Saison ze finanzéieren. Am Géigenzuch kréien d'Memberen reegelméisseg hir "Deeler" – an dësem Fall frësch Blummen – direkt vum Haff.

Du kriss mat der Hand gebonnen Bouqueten aus saisonalen, frësch geschniddene Blummen, déi hei bei eis zu **Eschduerf** gewuess sinn. All Woch (oder all zweet Woch) sichs du dir däi Bouquet raus.

Wéi funktionéiert et?

Wann's du Member gëss:

- **Bezuelung am Viraus:** Du bezills däin Abonnement fir déi ganz Saison am Viraus (ronn 26 Bouqueten: vun Mai bis Oktober)
- **Frësch vum Feld:** Du kriss déi frësch geschnidde Blummen direkt bei eis um Haff – ganz ouni Konservéierungsmëttel, Pestiziden oder laang Transportweeër.
- **All Woch eng nei Iwwerraschung:** All Bouquet spigelt dat erëm, wat grad op eise Felder blitt. Vun den éischte Fréijoersblummen wéi Ranunkelen, Léiwemäilercher an Neelcheskäpp, iwwer d'Summer-Highlights wéi Sonneblummen, Sonnenhutt an Zinnien, bis hin zu den Hierschtblummen wéi Dahlien, Kosmeen a Chrysanthemen.

Iessbar Blummen: Déi meescht vun eise Blummen sinn iessbar! Dofir fënns du dës och als extra Optioun an eisen Offeren. Si hunn en héijen Närwäert, gesinn dreemhaft aus a bréngen eng flott Faarf an deng frësch Zaloten, Jusen, Smoothien oder op däi Kuch.

Haff Wandelbléi S.à.r.l.-S | Siège: 20, Am Hënneschteneck, L-9151 Eschduerf
Tél. : 621 614 822 | TVA: LU 378 76 66
E-mail : info@haffwandelblei.lu

Firwat ass eng Blummen-Solawi eppes Besonnesches?

- **Saisonal Villfalt:** Mir bauen iwwer 40 verschidden Zorte Schnëttblummen iwwer d'Joer verdeelt un. All Bouquet verännert sech mat de Joerszäiten a verbënnt dech mam natierleche Rhythmus vun der Natur.
- **Nohalteg an ëmweltfrëndlech:** Mat lokale Blummen reduzéiers du däin CO2-Foussofdrock a vermeids schiedlech Chemikalien, déi bei importéierte Blummen dacks agesat ginn. Eis Aarbechtsweis fërdert e gesonde Buedem, d'Biodiversitéit a Liewensraim fir Beien a Bestäuber.
- **Schéinheet mat Sënn:** All Bouquet ass Deel vun enger méi grousser Missioun. Mat dengem Bäitrag ënnerstëtz du e lokale Betrib zu Lëtzebuerg an domat och d'**Slow Flowers'-Beweegung**, déi Wäert op Gemeinschaft, Nohaltegkeet an natierleche Wuesstum leet.



Fir wien ass d'Blummen-Solawi geduecht?

Eis Blummen-Abonnementer si perfekt fir:

- **Blummefrënn**, déi sech frësch Schnëttblummen ouni schlecht Gewëssensbëss a groussen CO2-Foussofdrock wënschen.
- **Mënschen**, deenen et wichteg ass ze wëssen, wou hir Blummen hierkommen a wien se ugebaut huet.
- **Geschenk-Sichender**, déi e Cadeau wëlle maachen, dee Woch fir Woch nei Freed mécht.
- **Betriber, Büroe oder Restauranten**, déi hir Raimlechkeeten all Woch mat frësche Blummen verschéinere wëllen.

Haff Wandelbléi S.à.r.l.-S | Siège: 20, Am Hënneschteneck, L-9151 Eschduerf
Tél. : 621 614 822 | TVA: LU 378 76 66
E-mail : info@haffwandelblei.lu

Praktesch Informatiounen & Präisser

Mir bidden wéchentlech Abonnementer un an och all zweet Woch. D'Saison fir d'Blummen leeft vu **Mee bis Oktober** (ronn 26 Wochen).

Variant / Optioun	Präis pro Bouquet / Këscht	Präis pro Saison (Total)
Blummebouquet Wëchentlech	20,00 €	**520,00 €**
Blummebouquet All 2. Woch	20,00 €	**260,00 €**
Iessbar Blummen Wëchentlech	3,50 €	**91,00 €**
Iessbar Blummen All 2. Woch	3,50 €	**45,50 €**

Bezuelung

Mir freeën eis, wann de ganze Betrag virum Ufank vun der Saison op eemol iwwerwise gëtt. Fir déi, fir déi dat op ee Schlag ze vill ass, bidden mir awer och d'Méiglechkeet un, an **2 oder 3 Tranchen,** iwwer d'Saison verdeelt ze bezuelen. Schwätzt eis einfach drop un!

Wou kann ech meng Blummen ofhuelen?

Genau wéi d'Geméiskierf kanns du deng Blummen direkt bei eis zu Eschduerf am Gaart ofhuelen: **Um Réider, L-9151 Eschduerf** (de Feldwee ran).

Hues du nach Froen oder Spezialwënsch?

Fir méi genee Froen oder Spezialbestellungen (z. B. fir Evenementer) kanns du dech gären direkt un eis wenden per Mail un: **info@haffwandelblei.lu**

Mir freeën eis drop, d'Schéinheet an d'Freed vun de Blummen mat dir ze deelen!



Haff Wandelbléi S.à.r.l.-S | Siège: 20, Am Hënneschteneck, L-9151 Eschduerf
Tél. : 621 614 822 | TVA: LU 378 76 66
E-mail : info@haffwandelblei.lu